move.
déi Jonk am Mouvement Écologique

IESSE FIR D'ZUKUNFT AN DENGER SCHOUL

ENG BROSCHÜR VU MOVE. ZESUMME MAM SEXY BROKKOLI

CONTENU

Hues du dech schonn eemol gefrot, wat d'lessen an denger Schoul mat der Zukunft vum Planéit ze dinn huet? Genee dorëms geet et an dëser Broschür: Wéi kënne mir d'lessen an denger Kantin esou gestalten, dass et lecker, gesond an awer och gutt fir de Schutz vun den Déieren, vu Klima an Ëmwelt ass.

Mir hunn Ufank 2024 dech an deng Matschüler:innen em är Meenung dozou gefrot. **D'Resultater si super spannend a weisen, datt vill vun iech richteg Bock hunn, eppes ze verännneren.** Du fënns an dëser Broschür awer och nach vill aner Infoen, en Interview mat der Responsabel vum lessen an de Schoulkantinnen an Tipps, wat s du (ma aneren) maache kanns, , fir selwer eppes an denger Schoul ze verännneren. Well: d'Zukunft läit och op dengem Teller!

A lass, lies dech zesumme mat eisem sexy Brokkoli duerch des Broschür. Vill Spaass!

S.2-4
Veggie Monday: Mir hunn iech gefrot

S.5-6
4 Froen u Monique Ludovicy, Directrice vu Restopolis

S.7
Veggie an de Kantinnen: Freiburg als Virreider?

S.8
move. Plakat: Ass Brokkoli sexy?

S.9-10
How to: Mäin Teller fir d'Zukunft

VEGGIE MONDAY: MIR HUNN IECH GEFROT

Méi wéi d'Hallschent vun den Awunner:innen zu Lëtzebuerg hu laut Zuele vum Landwirtschaftsministère hire Fleeschkonsum an de leschte Jore reduzéiert. Och an de Schoulen huet een dat gemierkt: No der positiver Testphase vum Veggie Monday am Lycée Aline Mayrisch, am Lycée Michel Rodange an am Athenée, déi vu Restopolis lancéiert gi war a **gewisen huet, datt vill Schüler:innen Méindes an d'Kantinne ginn, gouf dat Konzept an all Schoul, déi matgemaach huet, bäibehalen.**

Foto: Max Staus

move. (déi Jonk am Mouvement Ecologique) an d' CNEL (Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg) haten Ufank 2024 **eng Ëmfro an de Lycéeën zu Lëtzebuerg gestart fir erauszefannen, ob ee Veggie Monday och nach an anere Schoulen Ënnerstëtzung kréie géif.** Ee Link zu der online Ëmfro ass dofir un d'Direktiounen, de SEPAS an un d'Schülercomitéë verschéckt ginn, déi dës dann un alleguerten d'Schüler:innen viru schécke konnten. Doriwwer eraus huet Restopolis Plakater an de Kantinnen opgehaangen an och op diverse Social Media Kanäl war den Opruff fir d'Ëmfro ze fannen. [1]

"JO" ZU MANNER FLEESCH AN DE KANTINNEN

Iwwer 1500 Schüler:innen aus ronn 50 verschiddene Lycéeën an Institutiounen (uni.lu, IFEN etc.) hu bei der Ëmfro matgemaach. **Mat 51,4 Prozent huet sech eng knapp Majoritéit fir d'Aféierung vun engem Veggie Monday ausgeschwat.**

Iwwerdeems gëtt et markant Ënnerscheeder tëscht de Lycéeën. Am Atert Lycée Reiden (ALR) oder am Lycée Technique de Bonnevoie (LTB) stécht d'Ënnerstëtzung fir de Veggie Monday eraus. Dogéint ass am Lycée Technique Agricole (LTA) eng kloer Majoritéit géint d'Aféierung vun engem Veggie Monday.

[1] Mir vu move., vum Mouvement Ecologique a vun der CNEL sinn net komplett géint Fleeschproduktioun. Eng Weedehaltung ass wichteg fir eis Kulturlandschaft an eis Biodiversitéit ze erhalen. Mais mat enger gudder Weede- an aartgerechter Haltung ass et net méiglech esouvill Fleesch ze produzéieren, wéi mir haut verbrauchen.

DÉI EEGEN IESSGEWUNNECHTEN MAACHEN DEN ËNNERSCHEED

13,5 Prozent vun de Befroten hunn uginn, dass si sech entweder vegetaresch oder vegan ernären. Dës ronn 200 Schüler:innen hunn sech och zum gréissten Deel fir d'Aféierung vun engem Veggie Monday ausgeschwat. Ma och vill Schüler:innen, déi méi reegelméisseg Fleesch iessen, kënnen sech ee Veggie Monday an hire Schoule virstellen.





MAT GEWËSSHEET MEI NOHALTEG IESSEN

Op d'Fro, **wéi motivéiert een ass, fir ee Bäitrag zum Klima- an Ëmweltschutz ze leeschten, hu méi wéi 70 Prozent vun de Befroten mëttel, vill bis ganz vill geäntwert.** D'Resultater weisen och, datt d'Motivatioun fir selwer aktiv ze gi klëmmt, wann een d'Fleeschproduktioun als problematesch aschätzt. Dat nämmlecht gëllt fir déi perséinlech Astellung vis-à-vis vum Veggie Monday.





Foto: Max Staus

WÉI GEET ET VIRUN?

Mir wëllen iech dobäi ënnerstëtzen, an ärer Schoul matzeschwätzen an eppes ze beweegen. Op de Säiten 9-10 vun dëser Broschür hu mir e puer Punkte fir dech gesammelt, wéi d'Direktiounen awer och du an deng Kolleegen eng Veränneruing ustousse kënnt.

Wann s du Froen hues oder dech gär mat anere Leit doriwwer austausche wëlls oder och wann s du Ënnerstëtzung fir deng Iddien oder däi Projet brauchs, da mell dech einfach bei eis iwwer move@oeko.lu oder op Instagram (@move.meco).

ANNEX: LËSCHT MAT LYCÉEËN, AN DEENEN OP D'MANNST 20 SCHÜLER:INNEN BEI DER ËMFRO MATGEMAACH HUNN:

Lycée	Dofir	Dogéint	Gesamt
Athenée du Luxembourg (AL)	10	10	20
Atert Lycée Reiden (ALR)	75	60	135
Ecole Internationale de Differdange (EIDE)	62	39	101
Ecole Internationale de Mondorf-les-Bains (EIMLB)	35	65	100
Ecole Privée Fieldgen (EPF)	18	5	23
Lycée Aline Mayrisch (LAM)	40	30	70
Lycée Bel-Val (LBV)	29	25	54
Lycée Classique de Diekirch (LCD)	23	11	34
Lycée Edward Steichen Clervaux (LESC)	38	58	96
Lycée des Garçons Esch (LGE)	28	43	71
Lycée Hubert Clement Esch (LHCE)	52	28	80
Lënster Lycée International School (LLIS)	38	13	51
Lycée Mathias Adam (LMA)	44	67	111
Lycée Michel Lucius (LML)	7	15	22
Lycée Michel Rodange (LMRL)	9	23	32
Lycée Technique Agricole (LTA)	63	138	201
Lycée Technique de Bonnevoie (LTB)	91	42	133
Lycée Technique Ettelbruck (LTETT)	14	6	20
Lycée Technique pour Professions de Santé (LTPS)	12	13	25
Maacher Lycée Grevenmacher (MLG)	8	18	26

4 FROEN UN...

...MONIQUE LUDOVICY, DIRECTRICE VU RESTOPOLIS

01.

WAT ASS ÄREN ANDROCK, WÉI ERREECHT EEN AM BESCHTEN, DATT MANNER FLEESCH GIESS GËTT: BEI ENGEM FLEESCHFRÄIEN DAG AN DER WOCH ODER BEI ENGEM ANERE MODELL?

ML: Ech hu gemierkt dass d'Leit net gär hunn, wann een hinnen eppes diktéiert, z.B. wéi a wat se sollen iessen, souguer bei Iddien, déi si usech gutt fannen. Mam "Veggie Monday" hu mir festgestallt datt vill Polemik entsteet. Zwar hu mir gemierkt datt duerch esou ee Projet vill iwwert dat Thema geschwat gëtt, mee et dominéiert awer éischter eng negativ Haltung, well d'Leit d'Gefill hunn, dass si opgedrängt kréie, wat se sollen iessen.

Mir haten och schonn eng änlech Erfarung mam Verbuet vu Soda an de Schoulen. Do hat sech scho quasi ee Schwaarzmaart fir Soda an de Schoulen entwéckelt, ier dass d'Schouljoer iwwerhaapt ugefaangen hat. Och do huet sech gewisen, dass e Verbuet net vill bréngt. Anescht ass et an deene Schoule, wou déi ganz Schoulcommunautéit zesummen decidéiert, dass si keng Sodae wëllen a wou dann och jiddereen hannert där Entscheedung steet. Dat fannen ech natierlech super.

02.

WÉI GESITT DIR DE RÔLE VU RESTOPOLIS AN DÄR TRANSITIOUN HIN ZU ENGER NOHALTEGER IESSKULTUR?

ML: Restopolis setzt éischter op de méi douce Modell vun der Informatioun a vun der Sensibilisatioun. Da lauschteren d'Leit éischter no an zéien och éischter mat.

Doriwwer eraus hu mir an de leschte Joren de Fleeschverbrauch an de Kantinne konsequent erofgesat, ouni dovun ze schwätzen. Zum Beispill verkafe mir just nach Zoppen ouni Fleesch a Fësch. Beim Haaptplat hu mir d'Terminologie vun de Plat'en esou geännert, dass et kee "Plat du Jour" méi gëtt mee ee vegetareschen, ee veganen an een net-vegetaresche Plat. Souguer an den net-vegetaresche Platen ass den Undeel vu Fleesch an de leschte Joren erofgesat ginn. Dat si lauter diskret Aktioune fir de Fleeschkonsum erofzesetzen an d'Leit drun ze gewinnen fir manner Fleesch z'iessen.

Et ass eis ganz wichteg, vegetaresch a vegan Alternativen ze kachen, déi de Jonken och schmaachen. Dat ass ee Challenge, et muss ee qualitativ héichwäerteg kachen a perfekt würzen, mee esou kann een de Leit progressiv de Goût vum vegetareschen a veganen lesse méi no bréngen.

03. HUET DANN D'SCHOUL/DIREKTIOUN NET ENG GEWËSSE RESPONSABILITÉIT FIR DASS JONKER SECH GESOND ERNÄHREN?

ML: Mir kënnen déi Jonk jo net alleguerten a Watt apaken, si mussen och selwer léieren, nee ze soen. Well och wann et an de Schoule manner Sodaen oder manner Fleesch an der Kantin gëtt, kënnen d'Schüler:innen jo nach ëmmer aus der Schoul erausgoen an dann do alles kafen. Natierlech kann een driwwer nodenke fir manner Soda-Automaten an de Schoulen opzestellen, oder ebe manner Fleesch unzebidden. Mee mir hunn déi Erfarung gemaach dass mir mat konsequenten top-down Verbueter net wäit kommen. Mir setzen éischter dodrop, vill ze informéieren, an driwwer ze schwätzen, zB iwwer Filmowenter, Table Rondes oder op Social Media. Dat dauert villäicht e bëssi méi laang, mee et ass dofir awer och vill méi effikass. Ech si mir bewosst dass d'Zäit eis fort leeft, mee wann d'Leit net matmaachen, da geet et nach méi lues virun.

WOSST DU SCHONN?

Bal 60% vun de Sandwiche vu Restopolis si säit 2023 vegetaresch an/oder vegan. Fir d'Joer 2025 huet Restopolis seng Menuen iwwerschafft mam Zil, déi vegetaresch a vegan Offer nach méi attraktiv ze maachen.

04. WAT FIR ENG PARTIZIPATIOUNS-MÉIGLECHKEETEN GESITT DIR, FIR JONKER BEIM THEMA IESSEN AN DE SCHOULE MAT ANZEBANNEN?

ML: Mir wéilten an nächster Zäit nach vill méi mat Sondagë schaffen, fir mat de Jonken ze kommunizéieren an hir Meenung ze kréien. Do musse mir awer fir d'éischt mol e System ausschaffe fir dass dat digital a séier méiglech ass. Mir organiséieren och Workshops an de Schoule fir mat de Schüler:innen iwwer eis Restogoals an iwwer nohaltegt Iessen ze schwätzen.

Ech géif et och gutt fanne fir déi Jonk méi an der Gestaltung vun de Menüe mat anzebannen. Mir hunn an der Vergaangenheet scho mol Ëmfroe gemaach, fir hir Propositioune fir Menüen ze kréien, mee déi mussen dann och eise Krittären entspriechen a saisonal, de préférence bio-lokal an am Budget sinn.

Dee System musse mir nach weider developpéieren an zB méi mat Pinnwänn an de Kantinnen oder méi op Social Media schaffen. Et sinn och Jonker déi an hirer Schoul de Projet vun engem eegene vegetaresche Kachbuch ëmgesat hunn, mat hinne wéilte mir eis och gär nach austauschen.

VEGGIE AN DE KANTINNEN: FREIBURG ALS VIRREIDER?

Eng Recherche iwwer Veggie-Kantinnen an Däitschland
vum Cléa

Fir d'Schouljoer 2023/2024 huet de Gemengerot vu Freiburg entscheet, Fleesch a Fësch an de Grondschoul- a Spillschoulskantinne vum Menü ze sträichen. D´Reaktiounen dozou si gedeelt: Wärend déi eng am neie Konzept d'Zukunft vun enger nohalteger Ernärung gesinn, betruechten déi aner d'Entscheedung kritesch. Ass Kantinnsiessen ouni Fleesch eng Iddi, déi sech an nächster Zäit nach méi verbreede wäert?

FREIBURG ALS VIRREIDER?

An Däitschland ass de Fleeschkonsum an der Lescht zeréckgaangen. 2018 loung en nach bei knapp 60 kg pro Kapp, d'lescht Joer waren et mol keng 50 kg méi. D'Grënn, déi vun de Konsument:innen genannt goufen, sinn haaptsächlech ee méi staarkt Bewosstsinn ronderëm d'Déierewuel, d'Auswierkunge vun der Fleeschproduktioun op Klima an Ëmwelt an d'Gesondheet.

Dës Verännerung spigelt sech och an den däitsche Schoulen a Kitaen erëm, wou ëmmer manner Fleesch ugebuede gëtt. Och Freiburg ass do keng Ausnam. Enn 2022 huet d'Direktesch vun der Verwaltung fir Schoul a Bildung zu Freiburg argumentéiert, datt sech vegetarescht Iessen an Zäite vun Inflatioun a finanziellen Onsécherheeten als nëtzlech erweise kéinten. Effektiv ass lescht Schouljoer de Menüspräis zu Freiburg vun 3,90 Euro op 4,40 Euro geklommen. Ouni d'Ëmstellung wier e viraussichtlech awer nach méi staark an d'Luucht gaangen.

De Projet ass am Gemengerot mat 27 Stëmmen Jo- a 14 Nee-Stëmmen approuvéiert ginn an dunn am September 2023 a Kraaft getrueden.

DECISIOUNEN AN DISKUSSIOUNEN

Den néie Beschloss vum Freiburger Gemengerot ass virun allem um Ufank op Kritik gestouss. De Baden-Württemberger Ministère huet gefaart, datt dëse Beschloss de Wuesstem vu Kanner beanträchtege kéint, well Fleesch laut hinnen zu enger ‚equilibréierter Ernärung' géif gehéieren.

Och gouf domadder argumentéiert, datt Kanner, déi net gäre Geméis iessen, just nach d'Bäilage géingen iessen an et doduerch u Vitaminnen an anere Makronärstoffer kéint feelen. Verschidden Elteren hunn an dësem Beschloss eng Entscheedung gesinn, déi eigentlech bei hinnen an hire Kanner leie misst.

Och net alleguerten d'Schüler:innen si vum neie Menüsplang begeeschtert. Deenen enge feelt d'Fleesch als gewéinleche Bestanddeel vum Teller. Fir anerer ass net d'vegetarescht Iessen u sech de Problem, mee éischter dass déi vegetaresch Alternativen hinnen net schmaachen an et keen esou grousse Choix méi gëtt.

D'Gemeng ass op déi Reaktiounen agaangen. D'Entscheedung wier net mat engem Fleeschverbuet gläichzesetzen. Jiddereen dierft sech Fleesch an d'Schoul matbréngen an och op Schoulfester misst net nëmme vegetaresch gegrillt ginn. D'Zil wier et, d'Käschten ze reduzéieren an e gesonden a leckere Menü unzebieden. Ausserdeem wier eng equilibréiert vegetaresch Ernärung och am Wuesstem risikofräi.

Tatsächlech freeën sech och vill Elteren doriwwer, dass hire Kanner doduerch eng klimafrëndlech Ernärung méi no bruecht gëtt. Well am Endeffekt manner Géigewand opkoum wéi erwaart, gouf beschloss, déi reng vegetaresch Offer am Menüsplang ze verankeren.

AN ELO?

Op nationalem Niveau ass Freiburg deelweis souguer ee Virbild. Nordrhein-Westfalen (NRW) probéiert sech beispillsweis un där Stad ze orientéieren, andeems ëmmer méi Crèchen a Schoule mat vegetareschem Iesse beliwwert ginn.

Wéi gesäit et zu Lëtzebuerg aus? Wiere mir dozou bereet mat engem Meatless Monday hirem Beispill nozegoen? Wéi eng aner Konzepter géifen a Fro kommen, fir de Fleeschkonsum an de Schoulen zu Lëtzebuerg ze reduzéieren? Deene Froe wëlle mir an dëser Broschür nogoen.

Ass Brokkoli sexy ?

Wann an enger Schoul 400 Schüler:innen ee Joer laang eemol an der Woch kee Fleesch iessen, da kéint een eng Surface vu

65 Fussballfelder

spueren, déi net mat Soja beplanzt misst ginn

Fir d'Produktioun vun engem Schnitzel brauch een ëmgerechent ronn

5 Bidde Waasser

Pro Veggie Monday-Dag spuers du **9 kg CO2** - also souvill wéi op enger Streck vu

45km

mam Benziner-Auto

600g

Fleesch pro Woch gi fir eng gesond Ernärung recommandéiert, hei zu Lëtzebuerg iesse mir am Moment am Duerchschnëtt 3x esou vill.

move. déi Jonk am Mouvement Écologique

Conférence Nationale des Élèves du Luxembourg CNEL deng Schoul - deng Iddien

HOW TO:
MÄIN TELLER FIR D'ZUKUNFT

Wat deng Schoul / deng Direktioun maache kann:

01. EN EEGENE WEE FANNEN: WÉI EE KONZEPT PASST AM BESCHTE BEI EIS SCHOUL? ZUM BEISPILL:

Eng fleeschfräi/ Themewoch am Mount oder ee fleeschfräien Dag an der Woch (z.B. am Athenée, am Fieldgen oder an der St. George's International School)	Huet de Virdeel, dass een un deenen Deeg nach méi staark sensibiliséiere kann, zB fir den Ëmweltimpakt vu Liewensmëttel, an d'Alternative promouvéiere kann. Risiko, dass Schüler:innen méi staark op ausserschoulesch Offeren zeréckgräifen an dass duerch e gefillten "Verbuet" Widderstand vun den Elteren a vun de Jonken ass. Dofir ass et wichteg, jidderee vun Ufank u mat an déi Decisiounen anzebannen.
Vegetaresch Menüen als Norm, Fleesch als Bäilag/Ausnam	Reduzéiert de Fleeschverbrauch ouni e komplett ze verbidden. Jiddereen huet weiderhin de Choix, wat d'Akzeptanz erhéije kann. Et léiert ee méi einfach nei Alternative kennen, well des och en Deel vum Plat sinn, an dat all Dag an der Woch.
Ausschliisslech vegetaresch Plat'en an der Kantin	Huet ee groussen Impakt a setzt e kloert Zeeche fir de Klimaschutz. Et bedeit awer eng relativ grouss Ëmstellung, virun allem och fir d'Käch an d'Logistik, vu dass een e villfältegt Angebot mat gudden Alternative brauch. Risiko vu groussem Widderstand, ëmsou méi wann et net op partizipativ Aart a Weis geplangt gëtt. Och ass d'Fro wéi e vermëttelt kritt, dass aus der Sicht vum Klima- a Biodiversitéitsschutz de Fleeschkonsum muss massiv reduzéiert ginn, awer net op null gesat ginn.

02. SCHÜLER:INNEN ËM HIR MEENUNG FROEN A MAT ABANNEN

- **Aféierung vun engem "Schüler:innen-Menü"** bei deem d'Kiche reegelméisseg zesumme mat interesséierte Jonken ee Menü vun der Woch/vum Mount ausschafft (z.B. am Lycée Ermesinde, wou Jonker beim Menüsplang matbestëmme kënnen).
- **Debattéierconcours**: de Sujet (vegetaresch) Ernärung / Veggie Monday / Bio-Produktioun am Kader vun engem Debattéierconcours fir déi ganz Schoulgemeinschaft opmaachen, dee vun der Schoul organiséiert gëtt a wou d'Schüler:innen a Gruppe matmaache kënnen.
- **Schülerforum zum Thema Ernärung an der Schoul**: een Austauschforum, bei dem ee souwuel Input vu bausse froe kann (Experten, Responsabel vu Restopolis etc.) mee wou virun allem och d'Schüler:innen (an d'Schoulpersonal) hire Feedback, hir Iddien an hir Remarke mat abrénge kënnen

03. SENSIBILISÉIEREN

- **Thematesch Wochen zum Impakt vum Iessen op Ëmwelt, Klima, Gesondheet an d'Zukunft vun de Jonken,** zB. och a Form vu Filmowenter, Table Rondes, Kachoptiounen oder -events.
- **Workshops / Campagnë vu Restopolis** an de Schoulen ënnerstëtzen/ufroen

Wat's du maache kanns:
(eleng oder zesumme mat denge Kolleegen)

DECH INFORMÉIEREN

Wéi een Impakt huet meng Ernärung op meng Ëmwelt? Wat kann ech maachen, fir dat ze änneren? Wat fir eng Optioune ginn et a menger Kantin a wéi eng Ziler huet Restopolis sech gesat? Wat fir vegetaresch Alternative ginn et, wéi kann ech déi esou kachen, dass se mir gutt schmaachen? Gëtt et evt. ee Kachcours a menger Géigend/an der Schoul, wou ech dat léiere kann? Wéi ee Kolleeg huet elo geschwë Gebuertsdag, deem ech probéiere kéint ee vegane Kuch ze baken?

ALLIÉIERTER SICHEN

Du bass sécher net déi eenzeg Persoun an dengem Frëndeskrees oder an denger Schoul, déi sech fir d'Thema nohalteg Ernärung interesséiert. An eng Brainstorming-Sessiounen mécht sech souwisou ëmmer besser am Grupp. Schwätz iwwer deng Iddie mat denge Kolleegen, huel Kontakt op mat Jonken aus Lycéeën, wou schonn esou Initiative gestart goufen, oder informéier dech beim Nohaltegkeetsgrupp an denger Schoul. Esou fënns du Leit, mat deenen s zu zesummen eng Aktioun starte kanns.

A FIRWAT NET...

...**eng Konferenz** zu dësem spannenden Thema an denger Schoul ufroen oder souguer organiséieren?

...froen, dass **eng Testwoch an denger Schoul** agefouert gëtt, fir ze kucken wat gutt klappe kéint, a wat manner gutt.

AN DENGER SCHOUL AKTIV GINN

Schwätz mam Délégué(e) à l'environnement, mat Leit aus dem Schülerkommitee, mam CEPAS oder schreif der Direktioun. Du kanns hinnen **erklären, wat's du net gutt fënns, wat's du dir wënschs a wéi eng Verbesserungs-proposen du hues**, fir d'lessen an denger Kantin méi nohalteg ze maachen. Du kanns och gär déi Proposen notzen, déi mir hei uewendriwwer opgeschriwwen hunn. Wann s du Froen hues oder dir onsécher bass, mell dech einfach bei move. a mir versichen dann zesummen e Wee an denger Schoul ze fannen.

Foto: Max Staus

DU WËLLS MÉI?

Du hues keng Loscht weider "just" nozekucken, mee wëlls selwer aktiv ginn an dech fir deng Zukunft asetzen? Du bass motivéiert, fir dech zesumme mat anere Jonken iwwer déi Sujeten auszetauschen, déi dir um Häerz leien a bei deenen du eppes verännere wëlls? Ma da bass du net eleng!

Mir vu move., déi Jonk am Mouvement Ecologique, engagéieren eis fir Theme wéi Klimagerechtegkeet, Naturschutz, eng nohalteg Landwirtschaft a villes méi. Mir maachen Excursiounen, schaffe Workshops aus, hunn en eegene Podcast an eng online-Kaart mat nohaltege Plazen zu Lëtzebuerg. **Du bass häerzlech wëllkomm, fir einfach eemol op eng vun eise Versammlunge laanscht ze kommen, oder bei engem vun eisen Eventer dobäi ze sinn.**

MOVE.MECO.LU MOVE.MECO



move.
déi Jonk am Mouvement Écologique

move. / Mouvement Ecologique asbl
6, rue Vauban
L-2663 Luxembourg
(+352) 439030

www.move.meco.lu
move@oeko.lu
@move.meco